

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02. Dezember 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Ganz rezent ass eis e Fall zougedroe gi vun engem Bierger, dee Multipel Skleros huet an deen, aus gesondheetleche Grënn, net géint de Covid geimpft ka ginn. Am Hierscht ass de Mann positiv op de Coronavirus getest ginn, hie war krank an hat schwéier Symptomer, dorënner och Otemnout. Dem betraffene Mann seng Duechter huet d'Ambulanz misse ruffen. Op der Plaz ukomm, huet d'Ambulanz-Personal dem Mann matgedeelt, datt si hien net kéinte mathuele well en net geimpft wär. Dat ass him kuerz drop souguer eng zweete Kéier geschitt. Och den Accès an d'Klinik ouni Ambulanz ass dem ongeimpfte Bierger verweigert ginn, esou datt seng Duechter dësen doheem huet misse fleegen.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass et esou datt Bierger déi keng Covid-Impfung hunn net méi an der Ambulanz matgeholl ginn?
2. Gëtt akut kranke Bierger den Accès an d'Spidol verweigert well se net géint de Covid geimpft sinn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser

Deputéierten



Jeff Engelen

Deputéierten